

Wiederfräsch

Maison Relais De Jhangeli



Maison Relais "De Jhangeli"

1, rue de la Paix
L- 8821 Koetchette

Responsabel: **Mme Ramona Baum**

Kontakt: mr.rambrouch@arcus.lu

<https://www.arcus.lu/profile/76/maison-relais-rambrouch>

Am Kader vun der Initiativ:



ECKDATEN ZU DER MAISON RELAIS:

D' Maison Relais:

- ass zu Kietscht nieft der Schoul
- ass d' ganz Joer op, vu Méindes bis Freides, jeeweils vun 6:30 bis 19:00 Auer
- betreit 286 Kanner am Alter vun 3 bis 12 Joer
- d' Kanner sinn de Cyclen no opgedeelt



ECKDATEN ZUM PROJET

Zäitraum vum Projet: **31. Mee bis den 31. Dezember 2021**

Kanner déi um Projet deelgeholl hunn: **+/- 15 Kanner**

Alter vun de Kanner: **Cycle 1 an 2**

Erzéierinnen déi mat agebonnen waren: **2**

Budget dee benotzt gouf: **132,80 €**



Service national
de la jeunesse

DE PROJET

„Pädagoginnen und Pädagogen sind Partnerinnen und Partner im Prozess der Ko-Konstruktion (...) Sie betrachten Alltagssituationen als Bildungsanlässe und nutzen sie als Ausgangspunkt für die Kompetenzentwicklung von Kindern und Jugendlichen“

Nationaler Rahmenplan zur non-formalen Bildung im Kindes- und Jugendalter (2021) S.18

D' Kanner aus dem Cycle 1 an 2 hunn hiren ErzéierInnen öfters Froen iwwert d' Wieder an d' Wiederkonditiounen gestallt. "Firwat ass bei eiser Rutsch ëmmer souvill Bulli?" – "Firwat ass moies d' Sonn op der Spillplaz an owes net méi?" Sou ass d' Iddi fir de Projet "Wiederfräsch" entstanden, fir de Kanner dës Phenomeener op eng fir si verständlech Aart a Weis kënne méi no ze bréngen an ze erklären.

Der pedagogescher Equipe war et wichteg, datt d' Kanner mat eegenen Erfahrungen an Experimenten kéinten dës Wiederphenomeener léieren ze verstoen. Dofir gouf decidéiert zesumme mat de Kanner verschidde Wiederstatiounen ze plangen a selwer ze bauen. Um ganze Site vun der Maison Relais sollten Sonnenauerer, Wand- a Reenstatiounen verdeelt ginn. Reegelméisseg sollten si duerno zu verschidde Dageszäiten a Wiederkonditiounen mat de Kanner bei dësen verschidde Statiounen goen, sou datt d' Kanner Geleeënheet hätten, dës verschidde Wiederphenomeener selwer ze beobachten an ze dokumentéieren.



D' OBJEKTIVER VUM PROJET

„Kinder und Jugendliche sind kompetente Individuen mit einer jeweils einzigartigen (Bildungs-) Biografie. Sie lernen von Anfang an mit allen Sinnen. Antriebskräfte ihrer Entwicklung sind Neugier, Kreativität, Freude am Spielen und Lernen sowie die Suche nach Sinn und Bedeutung in der Welt. In der Lust am Explorieren werden ihr Forschungsdrang und ihr Bedürfnis, neue Herausforderungen zu bewältigen, sichtbar.“

Nationaler Rahmenplan zur non-formalen Bildung im Kindes- und Jugendalter (2021) S.17

D' Objektiv vum Projet waren d' Kenneléieren a Verstoe vun de verschidde Wiederkonditiounen duerch Beobachtungen, selbststänneg Recherchen a Bicher an um Internet an am Austausch mat deenen anere Kanner oder Erwuessenen. D' Kanner sollten sou encouragéiert ginn hiert Wëssen op eng autonom Aart a Weis weider ze entwéckelen.

Dernieft wollt ee mat dësem Projet d' Kanner och dozou ureegen, esou vill Zäit wéi méiglech dobaussen ze verbréngen an sech doduerch méi fir d' Wieder an d' Natur am Allgemengen ze interesséieren.



OFLAF VUM PROJET

„Die selbstbestimmte und spielerische Hinwendung zu Phänomenen der Natur ist sowohl Gelegenheit für Entspannung und Muße als auch Ausgangspunkt für systematisches Forschen und Experimentieren“

Nationaler Rahmenplan zur non-formalen Bildung im Kindes- und Jugendalter (2021) S.76

De Projet huet aus 5 Phase bestanen: als éischt d' Kanner op déi ënnerschiddlech Wiederphenomeener opmierksam maachen, dann déi verschidde Wiederstatioune bauen, se um Site vun der Maison Relais opriichten a mat de Kanner zesummen hir Beobachtungen dokumentéieren. Déi lescht Phase wier gewiescht mat de Kanner zesummen d' Konklussioune vun hire Beobachtungen ze zéien.

Fir d' Kanner un Thema erun ze féieren, goufen ufanks vill Bicher gekuckt, Geschichte virgelies an si kruten och schonn eng Réi Erklärungen zu Wiederphenomeener, wéi z.B. „Wéi entsteet eng Wollek? Wat ass Niwwel?“ asw. Duerno hunn d' Kanner Wieder- an Sonnenaueren an och hire Wiederfräsch, de Loïc gebaut. Déi eenzel Wiederstatioune sinn dobaussen opgestallt ginn an dunn goug et dorëms erauszefannen, wéi dës Auere richteg funktionéieren. All Dag sollten zu bestëmmten Auerzäiten hir Beobachtungen an Erkenntnisser dokumentéiert ginn. Dobäi ass der pedagogescher Equipe opgefall, datt d' Kanner zum Deel iwwerfuerdert waren an eigentlech och guer net sou un de Wiederstatiounen intresséiert waren. Och déi geplangten deeglech Beobachtungen an Dokumentatioun konnt d' Kanner net wierklech begeeschteren an si waren am Fong vill méi um Wieder vum Dag selwer intresséiert.

D' Equipe huet dofir hire Projet de Wënsch a Bedierfnisser vun de Kanner ugepasst a si hunn sech méi mam Wieder vum Dag a mat de verschiddene Joreszäiten an hiren entspreechende Wiederkonditioune beschäftegt. Doropshi goufe 4 Mini-Wiederstatioune gebaut, déi zu all Moment an op Nofro vun de Kanner konnte mat eraus geholl ginn, fir dann d' Wieder de Moment selwer ze observéieren.



SCHLÜSSELMOMENTER VUM PROJET

E flotte Moment am Projet war, wéi d' Kanner selwer eng Geschicht ronderëm hire Wiederfräsch de Loïc erfonnt hunn. Dëst huet zum engen de groussen Interessi vun de Kanner un dësem Projet gewisen, an zum aneren och wéi vill neit Wëssen sech d' Kanner iwwert d' Wieder an d' Wiederphenomeener ugëeegent haten.

Säitdeem si hir Wiederauer opgehaangen hunn, ginn d' Kanner reegelméisseg puermol den Dag dohin, fir de Feil op dat richtegt Wieder ze dréinen. Hirem Wiederfräsch Loïc dinn si och ëmmer déi richteg Kleeder un, jee nodeems wéi d' Wieder dobaussen ass. Dës Beispiller weisen, datt de Projet gutt an den Alldag vun de Kanner agebonnen ass an hinnen hëlleft hiert d' Verständnis vum Wieder an de Wiederkonditiounen selbststänneg ze erweideren.

CHANCEN AN ERAUSFUERDERUNGEN

„Pädagoginnen und Pädagogen reflektieren regelmäßig ihre pädagogische Tätigkeit. Sowohl individuell als auch gemeinsam im Team sollten die Bildungsangebote und Arbeitsmethoden stets überdacht und unter fachlichen Gesichtspunkten hinterfragt werden.“

Nationaler Rahmenplan zur non-formalen Bildung im Kindes- und Jugendalter (2021) S.19

De Projet ass ursprénglech fir de Cycle 1 an 2 ugeduecht gewiescht an ufanks war den Interessi bei de Kanner och grouss. No an no huet sech awer gewisen, datt de Cycle 2 net sou um Projet intresséiert wier an dofir gouf sech méi op de Cycle 1 konzentréiert.

Nodeems de Projet scho méi fortgeschritt war, ass der pedagogescher Equipe opgefall, datt de Fonctionnement vun de Wiederstatiounen zimmlech schwéier fir d' Kanner ze verstoe war. D' Kanner hate Spaass beim Bauen, mee hunn et duerno awer éischter als Spill gesinn an net als Moossinstrument fir d' Wieder ze beobachten. Dowéinst hu si sech Gedanken am Team gemaach an iwwerluecht, wat si änneren missten, fir de Kanner rëm méi gerecht ze ginn. Si hunn sech am Projet dunn méi op d' Joreszäiten an déi alldaegelech ze beobachtend Wiedersituatiounen konzentréiert. Dëst war vill méi no bei de Kanner a si konnten déi verschidde Phenomeener besser verstoen.

Des Weideren hunn si och déi grouss Wiederstatiounen si gelooss, well dat ze abstrakt fir d' Kanner am Cycle 1 war an et an deem Alter nach immense wichtig fir d'Kanner ass, datt si alles kënne selwer manipuléieren an ënnersichen fir eppes besser ze verstoen. Si sinn dofir op méi kleng Wiederstatiounen ëmgewieselt. Dës kënnen d' Kanner ëmmer wann si wëlle mat eraus huelen an sou selwer beobachten, wat dobausse geschitt.

Dat war eng positiv Erfahrung fir d' Equipe an d' Kanner hunn säitdeem rëm vill méi Spaass an Intressi um Projet. Sou kënnen si mam Projet weiderfueren an en och op länger Zäit duerchféieren.



KONKLUSIOUN

Fir déi pedagogesch Equipe war et net ganz einfach de Projet “Wiederfräsch” sou ze realiséieren, wéi si dat geplangt haten. Zum engen duerch d’ Pandemie an zum aneren aus organisatoresche Grënn, déi si net beaflosse konnten. Si hunn awer iwwert dat ganz Joer probéiert de Projet sou gutt et geet duerchzeféieren. Positiv ze erwäne bléift, datt d’ Equipe opmierksam an empfänglech fir d’ Wësch an d’ Bedierfnisser vun de Kanner war a si de Projet deementspreechend ugepasst hunn.

Mir wënschen der Equipe, datt si de Projet 2022 mat méi Rou an Zäit kënnen sou duerchféieren, wéi si sech dat virgestallt haten.

